N° 7163
Entrée le 11.11.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 11.11.2022

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11/11/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Energie weiderzeleeden.**

An der Äntwert op d'Fro 6969 huet de Minister d'Zuele ginn zu den ausbezuelte Solar-Subventiounen. De Minister huet an der Äntwert missten zouginn, dass bis elo nach keng Demande vun 2022 traitéiert wier. Verschidde Biergerinnen a Bierger hunn hir Anlag via Prêt op der Bank kaaft a konnten de Subside esou nach net notze fir en Deel vun hirem Prêt ofzebezuelen. Doduerch mussen si da méi héisch Zënse bezuelen, wéi wann de Subside schonn ausbezuelt wier.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wäert de Staat d'Méikäschte vun den Zënsen um Prêt vun de Leit iwwerhuelen, déi doduerch entstinn, dass de Subside méi spéit vum Prêt kann ofgerechent ginn? Wa nee, firwat net?
2. Wat wäert de Minister maachen, fir d'Beaarbechtungszäit vun den Demande fir Subsiden ze reduzéieren?
3. Wat ass fir de Minister ee raisonnabelen Delai an deem de Staat eng Demande sollt traitéiert hunn?
4. Wäert de Minister eng Piste ausschaffen, déi et erméiglecht, dass d'Leit am Fall vun engem Prêt de Subside ugerechent kréien?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten